MÄERTERT-WAASSERBËLLEG

Commune de MERTERT

ENERGIEKOOPERATIV KANTON GREVENMACHER

# Ried vum Buergermeeschter Jérôme Laurent anlässlech der Inauguratioun vun der Photovoltaikanlag um Daach vum Gemengenatelier

Här Minister Lex Delles, mir si frou dech hei bei eis begréissen ze kënnen.

Mir ware gëscht schonn an der Nopeschgemeng Gréiwemaacher zesummen op enger Manifestatioun an de Moien waars du schonn an der Nopeschgemeng Manternach an denger Funktioun als Tourismusminister aktiv.

Du hues trotz engem chargéierte Programm drop gehalen, haut an denger Funktioun als Wirtschaftsminister bei eis ze kommen. Merci dir Lex dofir.

Ech begréissen dann och d'Vertriederin vun der Stad Gréiwemaacher, d'Schäffin Liane Felten. Déi aner Schäfferéit aus dem Kanton Gréiwemaacher loossen sech entschëllegen. Natierlech sinn eis Schäffen Jos Schummer a Luss Bechtold haut bei eis, genau wéi d'Conseillerë Mireille Wirtz-Lenertz, Michèle Finke a Fränz Spelz.

De President vun der Energie Kooperativ Kanton Gréiwemaacher Luss Heyder mat sengem Verwaltungsrot an de Membere vun der Kooperativ.

Mir begréissen och eis Mataarbechter vun der Gemeng vum Service Environnement, den Tim Sanders, Romain Koster a Gilles Irthum.

Net ze vergiessen eise Koordinator vun de Gemengenaarbechter den Alain Bettendorff, deen haut d'Geleeënheet huet, eise Bierger an Invitéeën de Gemengenatelier ze weisen.

Léif Invitéeën Alleguer
Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Mir hunn haut d'Porte Ouverte vun eisem Gemengenatelier mat der Aweiung vun engem Klima-Projet zesumme geluecht - deen optimistesch fir d'Zukunft stëmme soll -och wann déi aktuell Informatiounen aus der Wëssenschaft alles aneschters wéi gutt sinn.

Dofir loosst mech meng Ried mat e puer fräi iwwersaten "Key-Messages" aus dem leschte Rapport vu Mëtt Abrëll 2025 vu Copernicus, dem Erdbeobachtungsprogramm vun der EU, ufänken.

· D'Joer 2023 war dat wäermste Joer zanter dem Ufank vun den Opzeechnungen an dat éischt Joer an deem déi global Jores-Duerchschnëttstemperatur 1,5 Grad Celsius iwwer dem vir industrielle Niveau louch.

· 2023 war no 2016 dat zweet-wäermste Joer an Europa. Wärend 11 Méint loung d'Temperatur iwwert dem laangjärege Mëttelwäert vun 1991-2020 an de September 2023 war de wäermste September iwwerhaapt.

· D'Konzentratioun an der Atmosphär vun CO2 a Methangas huet 2023 weider zougeholl op bis ewell ni erreechte Wäerter.

D'Erwiermung vum europäesche Kontinent ass zënter de 1980er Joren duebel esou séier virugaange wéi an der globaler Moyenne. Domat ass Europa dee Kontinent op der Welt deen sech am séiersten erwiermt.

Mat dëse wëssenschaftleche Feststellunge gëtt confirméiert wat am Februar 2022 vum deemools aktuelle Rapport vum IPCC, dem "intergovernmental panel on climate Change", virgeluecht gouf.

Och deemools am Juni 2022 op enger Konferenz zum Thema Klimawandel a Biodiversitéit am urbane Raum hat ech zitéiert andeems ech ugefouert hat, dass:

· Déi bis elo maximal toleréierbar Erhéijung vun der globaler Temperatur vun 1,5 Grad vill éischter erreecht gëtt wéi erwaart

· Dass et Auswierkungen hätt an d'Risike vum Klimawandel op d'Liewensëmstänn vum Mënsch an op d'Aartevillfalt vill méi grouss wäert si wéi ugeholl

· An dass an de Stied - och an Europa - déi sozial schwaach Bevëlkerungsgruppen am meeschten ënnert de Klimafolge leide wäerten

· An dass d'Zäit fir Eppes ze ënnerhuelen fir d'Äerderwiermung ze begrenzen amgaangen ass fort ze lafen.

Aus de Warnunge vun 2022 sinn also mat rasanter Vitesse schonn 2023 Tatsaache ginn, Tatsaachen déi erféieren dinn.

Tatsaachen awer och déi méi wéi jee déi politesch Responsabel - awer och all eenzelne Bierger opfuerderen, dozou bäi ze droen, dass efficace Moossnamen op de Wee bruecht gi fir géint ze steieren.

Wou kënne mir als kleng Gemeng zu Lëtzebuerg do eng Hand mat upaken?

Déi besonnesch geografesch Situatioun vun eiser schéiner Gemeng am Dall vun 3 Flëss mat de Wéngerten am Réck, bréngt mat sech, dass déi héchsten Temperaturen am Land ganz dacks zu Waasserbëlleg gemooss ginn. Wann et déi éischt tropesch Nuechte ginn - da sinn déi gäre bei eis.

Et kann een also duerchaus soen, dass d'Gemeng Mäertert, wéi och aner Gemenge laanscht d'Musel, e bësse méi exposéiert si wéi vläit anerer am Land.

Mir sinn eis dann och der Verantwortung bewosst fir am Interessi vun eise Bierger a besonnesch de nächste Generatiounen d'Haaptrecommandatioune vum IPCC op eisem Niveau ze beuechten:

- Upassungsmoossnamen
- d'Follge vum Klimawandel offiederen – dat och op sozialem Plang
- a Reduktioun vun den Zäregasemissiounen

Mir als Gemeng hunn eis duerch d'Mataarbecht am Klimapakt 1 zanter 2014, dem Klimapakt 2.0 zanter 2021 an och dem Naturpakt zanter 2021 verflicht, mat eise kommunale Strategien, eise Ressourcëverbrauch ze reduzéieren a fir eng besser Energieeffizienz op eisem Territoire ze suergen.

Dozou gehéiere Projete wéi deen, dee mer haut hei aweie kënnen.

Deen ass sécher vu senger Envergure hier elo net riseg, an awer dréit en dozou bäi den ekologesche Foussofdrock vun eiser Gemeng ze reduzéieren. Ganz wichteg ass och dat Signal, wat mer zesumme mat der Energiekooperativ no baussen un d'Bierger ginn:

Jidderee ka matmaachen a sech un der Kooperativ bedeelege fir esou nach vill aner klimafrëndlech Energie-Projete realiséieren ze kënnen. Oder aneschters ausgedréckt: Et gëtt keng Ursaach méi fir näischt ze maachen!

D'Gemeng Mäertert ass op alle Fall bereet, och esou partizipativ Initiativen am Energieberäich ze ënnerstëtzen a mat hirem Engagement ze probéieren all d'Bierger mat op de Wee ze huelen.

Dëse Wëllen sech ze engagéieren, weisen och d'Gemenge-Budgete vun de leschte Joren.

De Gemengerot huet eng ganz Rei Mëttel gestëmmt, fir eise lokale Verpflichtungen am Kader vum nationale Klima- an Energieplang gerecht ze ginn, hei just e puer Beispiller:

- Gemengereglement fir de rationalen Ëmgang mat der Energie am Beräich Logement an dat och mat enger staarker sozialer Komponent
- Gemengereglement fir d'Ënnerstëtzung vun der Mobilité douce
- Terrainskeef fir Projete vun der Dekarboniséierung ze realiséieren an dat am Beräich Agri-PV

· Eege Bauprojete wou ressourcen- an energieschounend Konzepter zum Asaz kommen, wéi bspw. op eise Campus scolairen zu Mäertert an zu Waasserbëlleg

· Etudë fir Gemengegebaier méi effizient ze gestalten a ggf. och mat Photovoltaik- a Solarpanneauen ze equipéieren

· Kommunal Stroosseluuchten op LED-Technik ëmzestellen, genausou fir d'Beliichtung vun de Sportsanlagen

· Do wou et méiglech a sënnvoll ass, der Elektromobilitéit de Virrang gi beim Akaf oder Leasen vu Gemengegefierer, wat leider nach net bei alle Gefierer geet

· Erneierung an Erweiderung vum Nahwärmenetz an enger neier Energiezentral zu Waasserbëlleg fir eis kommunal Gebaier a vu private Wunnengsstrukturen

· Ee Pilotprojet fir d'Erhéijung vun der Effizienz vun der eenzegaarteger Elektrofähr Sankta Maria II mëttels Automatisatioun

Och schaffe mir mat der Klimaagence zesummen, déi eis Bierger beispillsweis gratis an Energiefroen beréit.

An eise Publikatiounen, vum Gemeeneblat iwwert de kommunalen Internet-Site bis bei déi sozial Medien, strenge mir eis un, fir de Matbiergerinnen a Matbierger eng breet gefächert Panoplie vun Informatiounen zoukommen ze loossen, wéi se kënnen Deel huelen an Deel si vun der Lutte géint de Klimawandel an der energeetescher Dekarbonisatioun.

An dësem Kontext ass et eis virun engem knappe Joer och gelongen, d'Ausstellung "Luxembourg in transition" an d'Gemeng Mäertert ze bréngen, dat an Zesummenaarbecht mam Luca a mat der uni.lu. D'PV-Anlag um Daach vum Gemengenatelier, déi mer haut aweien, ass also ee vu ville Puzzlestécker bei der Ëmsetzung vun der kommunaler Strategie fir weg vun de fossille Brennstoffer ze kommen a bei eng méi nohalteg Energieversuergung.

De kooperative Charakter vun dësem Projet, ugefaange vun der Kooperatioun mat de Grënnungsmembere vun der Energie-Kooperativ bei hirer Grënnung, iwwert d'Kooperatioun innerhalb vum Gemengerot fir d'Konventioun gutt ze heeschen inklusiv dem finanziellen Engagement vun der Gemeng.

Der Zesummenaarbecht vun de bedeelegte Gemengeservicer mat der CREOS an der Elektrofirma déi d'Anlag installéiert huet, weist schnell: et kann ee weider komme mat Zesummenaarbecht am Interessi vun eis all a besonnesch vun den eenzelne Bierger, deenen d'Dier fir sech ze bedeelegen an der Kooperativ grouss opsteet.

Deemno, och wann déi uganks zitéiert Norichte sech net gutt unhéieren, esou bréngen eis Projete wéi dësen dach e kléngt Stéck weider um richtege Wee a sinn dofir awer e Grond fir optimistesch no vir ze kucken.

Mir ginn eis awer net domat zefridden. Mir schaffe mat Héichdrock drun, op zwee Terrain eng Agri-PV Anlag ze erméiglechen. Do si mir als Schäfferot mam Tim Sanders vum Service Environnement amgaang all d'Optiounen ze analyséieren. An och do wäerte mir kucken, dass eis Bierger, déi interesséiert sinn, vun dësen Anlage profitéieren.

Weider ass eng Initiativ vun enger Firma um lafen – fir ze préiwen - ob mir op enger Plaz an eiser Gemeng ee Wandrad fir d'Produktioun fir elektresch kënnen opzeriichten. Als Schäfferot begleede mir selbstverständlech dës Initiativ. Mir hoffen dass eis Bierger dës Initiativ och positiv begleeden.

Ech weess dass ee Wandrad net schéin ass, mee wann een domat bis zu 1.800 Ménagë vun eise ronn 2.200 Ménagë mat elektresch versuerge kann, ass dat awer, mengen ech mol, positiv.
Ech erënneren drun, dass mir an der Schäfferotserklärung festgehalen hunn, alles drun ze setzen, dass mir dat Elektresch, dat eis Privathaushalter um Gemengenterritoire verbrauchen och um Territoire vun der Gemeng produzéieren.

Mir bleiwen um Ball!

Schlussendlech soe mir Jidderengem Merci deen dozou bäigedroen huet, dass mir dës Anlag haut aweie kënnen. Do besonnesch dem Verwaltungsrot vun der Energiekooperativ Kanton Gréiwemaacher a selbstverständlech de ville Leit, déi finanziell an d'Kooperativ investéiert hunn, fir dass dësen a villäicht nach aner Projete realiséiert kënne ginn.

Ee Merci och eise Gemengemataarbechter, déi haut d'Porte Ouverte organiséieren.
Mat dëse Wierder ginn ech weider un de President vun der Energiekooperativ vum Kanton Gréiwemaacher, de Luss Heyder, deen eis hoffentlech gutt Norichten iwwert d'Testphas vun der PV-Anlag um Daach vum Gemengenatelier ka liwweren.

Merci.